N°4107
Entrée le 17.06.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Martine Hansen, Sportsministesch an der Madamm Stéphanie Obertin, Digitalisatiounsministesch, op d'parlamentaresch Fro n° 4107 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement**

**1. Wéi kënnen Trainer, déi net zu Lëtzebuerg wunnen an och keng Beschäftegung zu Lëtzebuerg hunn, konkret en Zougang zur Homologatiounsprozedur op MyGuichet.lu kréien?**

Den Zougang zur Homologatiounsdemarche op MyGuichet ass fir Resident a Net-Resident de selwechten. Den Demandeur muss sech op MyGuichet enregistréieren a en Espace personell kreéieren. D'Conditioune fir sech op MyGuichet ze enregistréiere sinn op MyGuichet ënner follgendem Link ze fannen : https://guichet.public.lu/fr/citoyens/support/aide/myguichet/enregistrement.html
D'Conditioune sinn:

- Mindestalter vu 16 Joer
- Eng lëtzebuerger Matricule
- E PC, Tablet oder Handy matt Internetuschloss
- Eng E-Mail Adress
- E vun dësen Auhentiséierungsmëttel: e LuxTrust Produit, en eIDAS Produit oder eng lëtzebuergesch eID

Falls déi betraffe Persoun keng lëtzebuerger Matricule huet, kann si sech eng Matricule attribuéiere loossen. Dëst geet iwwert eng Démarche am MyGuichet fir déi et kéng Authentificatioun brauch.

**2. Aus wéi engem Grond gouf den eelere Wee vun der Demande per E-Mail un den INAPS net parallel zur digitaler Prozedur bäibehalen, fir Net-Residenten eng zougänglech Alternativ ze garantéieren?**

Eng Demarche iwwer MyGuichet huet par Rapport zu enger Demande iwwer E-Mail kloer Avantagen a follgende Beräicher : Identifizéierung vum Demandeur, Confidentialitéit vun den iwwermëttelten Donnéeën, Transmissioun vun onkompletten Dossiere an Efficacitéit vum Traitement.
Aus dëse Grënn gouf d'Decisioun geholl, fir d'Demanden iwwer E-Mail duerch eng MyGuichet Demarche ze ersetzen.

**3. Wéi vill Demandë fir d'Homologatioun vun Trainerdiplomer goufen an de leschten dräi Joer agereecht, opgedeelt no Resident an Net-Resident, a wéi vill dovun konnten erfollegräich ofgeschloss ginn?**

No de Bestëmmunge vum *règlement (UE) 2016/679 relatif à la protection des personnes physiques à l'égard du traitement des données à caractère personnel (RGPD)* conservéiert den

INAPS d'Date betreffend de Wunnsëtz vun den Demandeure vun enger Homologatioun zum Zäitpunkt vun der Introductioun vun der Demande nëmme wärend der Zäit, déi fir den Traitement vun där Demande néideg ass.

Aus dësem Grond, kënne keng Aussoen iwwer de Statut vu Resident oder Net-Resident vun de Demandeuren zum Zäitpunkt vun der Demande gemaach ginn.

An de Joren 2024, 2025 an 2026 (bis zum 3. Juni 2026) sinn genau 700 Homologatiounsdemande beim INAPS gemaach ginn.

Vun de 700 Demande hu 510 Demanden zu enger Homologatioun gefouert a 65 zu enger deelweiser Homologatioun. 91 Mol ass e Refus ausgesprach ginn a 34 Demanden ginn aktuell traitéiert.

**4. Huet d'Madamm Minister Erkenntnisser doriwwer, wéi vill Demandë zanter der Ëmstellung op MyGuichet.lu net oder eréischt mat substantieller Verspéidung traitéiert konnte ginn, well d'Demandeure Schwieregkeete beim Zougang zur Prozedur haten?**

Zënter der Aféierung vun der neier Demarche si keng Reklamatiounen iwwer des Prozedur un d'Ministesch oder den INAPS adresséiert ginn.

**5. Firwat ass d'Prozedur op MyGuichet.lu eleng op Franséisch verfügbar, obwuel se sech un en internationaalt Public riicht a just aacht spezifesch Felder iwwer déi normal perséinlech Donnéeën eraus ëmfaasst?**

Et ass virgesinn, fir d'Demarche op MyGuichet wärend enger Testphase vu 6 Méint nëmmen op franséisch zur Verfügung ze stellen an se duerno, am Fall wou d'Demarche sech ënner der aktueller Form bewäert, op weidere Sproochen unzebidden. Des Aféierung ass fir Ënn vum Joer virgesinn.

**6. Firwat gëtt et och d'Internetsäit vum INAPS eleng op Franséisch, an plangt d'Regierung hei eng méisproocheg Versioun, op d'mannst op Däitsch an Englesch?**

En neie, méisproochegen Internetsite vum INAPS ass an der Realisatiounsphase. D'Mise en Productioun ass fir den Hierscht 2026 virgesinn.

**7. Plangt d'Regierung d'Prozedur op MyGuichet.lu op d'mannst op Däitsch an Englesch — souwäit méiglech och op Lëtzebuergesch — zur Verfügung ze stellen, an, wann jo, a wéi engem Zäitkader?**

Cf Äntwert op Fro 5°

**8. Wéi gedenkt d'Regierung am Allgemengen ze garantéieren, dass Verwaltungsprozeduren, déi sech explizit un Net-Residenten riichten, och no der Digitaliséierung niddreschwelleg zougänglech bleiwen?**

Och wann den Zougang zu digitalen Demarchen op MyGuichet scho fir Net-Resident méiglech ass, wäert d'Aféieren vum EU Wallet den Zougang zu MyGuichet nach emol vereinfachen. Dëst natierlech ënnert der Bedéngung dass déi jeeweileg Memberstaaten de Wallet och zäitno implementéieren.

**Lëtzebuerg, den 17. Juni 2026**
D'Sportsministesch
(s.) Martine Hansen